

Dir hutt och nach eng Fro gestallt doriwwer, Här Clement. Dat ass richteg. Mir kucken, datt mer dat warscheinlech gemeinsam wäerte behandelen.

4. 8387 – Projet de loi portant :

1^o mise en œuvre du règlement (UE) 2023/606 du Parlement européen et du Conseil du 15 mars 2023 modifiant le règlement (UE) 2015/760 en ce qui concerne les exigences relatives aux politiques d'investissement et aux conditions de fonctionnement des fonds européens d'investissement à long terme et la définition des actifs éligibles à l'investissement, les obligations en matière de composition et de diversification du portefeuille et l'emprunt de liquidités et d'autres dispositions des statuts des fonds ;

2^o mise en œuvre du règlement (UE) 2023/1114 du Parlement européen et du Conseil du 31 mai 2023 sur les marchés de crypto-actifs, et modifiant les règlements (UE) n^o 1093/2010 et (UE) n^o 1095/2010 et les directives 2013/36/UE et (UE) 2019/1937 ;

3^o mise en œuvre du règlement (UE) 2023/1113 du Parlement européen et du Conseil du 31 mai 2023 sur les informations accompagnant les transferts de fonds et de certains crypto-actifs, et modifiant la directive (UE) 2015/849 ;

4^o transposition de l'article 38 du règlement (UE) 2023/1113 du Parlement européen et du Conseil du 31 mai 2023 sur les informations accompagnant les transferts de fonds et de certains crypto-actifs, et modifiant la directive (UE) 2015/849 ;

5^o mise en œuvre du règlement (UE) 2023/2631 du Parlement européen et du Conseil du 22 novembre 2023 sur les obligations vertes européennes et la publication facultative d'informations pour les obligations commercialisées en tant qu'obligations durables sur le plan environnemental et pour les obligations liées à la durabilité ;

6^o modification de :

a) la loi modifiée du 16 juillet 2019 relative à l'opérationnalisation de règlements européens dans le domaine des services financiers ;

b) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier ;

c) la loi modifiée du 23 décembre 1998 portant création d'une commission de surveillance du secteur financier ;

d) la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme ;

e) la loi modifiée du 10 novembre 2009 relative aux services de paiement ;

f) la loi modifiée du 7 décembre 2015 sur le secteur des assurances

Da komme mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour. An den nächste Punkt vum Ordre du jour ass de Projet de loi 8387 iwwert d'Ëmsetze vun zwou europäesche Reegelen iwwert d'Reglementatioun vun de Kryptowährungen an d'Ëmsetze vun zwou europäesche Reegelen iwwert d'Reglementatioun vun europäeschen Investitiounsfongen. D'Riedezäit ass hei och nom Basismodell festgeluecht, also deem selwechte Modell wéi virdrun. Et hu sech schon ageschriwwen: d'Madamm Diane Aehm, den Här André Bauler, den Här Franz Fayot, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson an den Här Sven Clement. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Aehm. Madamm Aehm.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Aehm (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dese Gesetzesprojet ass e Projet, mat deem mir eng Rei europäesch Reglementer an nationaalt Recht ëmsetzen. Et geet ganz konkret ëm d'Kryptoaktiva, ëm laangfristeg europäesch Investmentfongen, ëm gréng Obligatiounen, a schlussendlech ginn och e puer technesch Upassungen u Gesetzestexter vum Finanzsektor virgeholl.

Éischtens: d'Reglement iwwer Kryptoaktiva. Dëst Reglement ass besser bekannt ënnert dem Numm MiCA a steet fir „Markets in Crypto-Assets“. Duerch dëst Reglement gëtt e juristesche Kader an der Europäescher Unioun agefouert fir d'Emissioun, d'Offer, d'Zouloosen zum Handel an d'Prestatioun vu Servicer, déi mat de Kryptoaktiva ze dinn hunn.

D'Emetteur vu Kryptoaktiva ënnerleien an Zukunft strengen harmoniséierte Reegelen an der Europäescher Unioun. Si musse Gréng Luucht vun der nationaler Finanzsicht kréien. An zoustänneg dofir gëtt hei zu Lëtzebuerg d'CSSF. D'Prestataire vu Servicer ronderëmmer d'Kryptoaktiva, CASPs genannt, wat hei fir „Crypto-Asset Service Providers“ steet, ënnerleien engem harmoniséierten Autorisatiounsregimm. D'CSSF soll de Respekt vun dëser Reglementatioun iwwerwaachen. Si kritt duerfir déi néideg Pouvoiren an e Strofekatalog zur Verfügung gestallt, fir géint Reegelverstéiss virzegoen. Déi signifikativ Kryptoaktiva gi vun der European Banking Authority iwwerwaacht.

Déi eenheetlech Reegelen vun dësem EU-Reglement si wichteg fir d'Finanzentreprisen, besonnesch wa si grenzüwwerschreidend Servicer ubidden. Si kréien en europäesche Pass a kënnen domadder hir Servicer an der ganzer EU ubidden. Dat schafft Kohärenz a Rechtssécherheet, stärkt d'Vertrauen an d'Kryptoindustrie a schützt den Investisseur. Dëst EU-Reglement wäert weider Opportunitéiten schafen an et der Finanzplaz erméiglechen, sech weider ze diversifizéieren.

Zweetens: d'Reglement Transfer of Funds Regulation 2. Enk mat der MiCA-Reglementatioun verbonnen ass dat zweet Reglement, dat mir mat dësem Gesetzesprojet operationell maachen. Am Fachjargon heescht dëst „TFR2-Reglement“. Dëst Reglement reegelt d'Informatiounen ronderëm den Transfert u Fongen a vu Kryptoaktiva a soll d'Transparenz an d'Traçabilitéit vu Finanztransaktiounen verbesseren. Dëst ass deemno e wichtige Bestanddeel an der Bekämpfung vu Geldwäsch, Terrorismusfinanzéierung an aneren illegale finanziellen Aktivitéiten. De besteeënde legale Kader gëtt mat dësem Reglement op'elektronesch Transferte vu Kryptoaktiva ausgeweit.

Drëttens: d'Reglement iwwer laangfristeg europäesch Investmentfongen. Dëst Reglement, kuerz „ELTIF-Reglement“ genannt, reegelt d'Investitiounspolitik an de Fonctionnement vun de laangfristegen europäeschen Investmentfongen. Dës Fongen hunn als Zil, Kapital an europäesch laangfristeg Investitiounen ze kanaliséieren, virun allem an Infrastrukturprojeten, fir zum Beispill déi gréng an digital Transitioun ze finanzéieren. D'Aktiva, an déi dës Fongen investéieren kënnen, ginn definéiert, gradesou wéi d'Zesummesetzung an d'Diversifikatioun vum Portefeuille, Emprunte vu Liquiditéiten a verschidde Punkten iwwert de Statut vun dësen Fongen. Hei gi punktuell Upassungen um Gesetz vum 16. Juli 2019 gemaach, well dat initiaalt europäescht Reglement vun 2015 d'lescht Joer ëmgeännert gouf.

Véiertens: d'Reglement iwwer Green Bonds. Hei gëtt en uniforme Kader an der EU agefouert fir d'Emissioun vu gréngen Obligatiounen. Dobäi gëtt en neie

fräiwëllege Label agefouert, deen un eng Rei Standard geknäppt ass, déi mussen erfüllt sinn, ier e vun den europäeschen Emetteuren ka genotzt ginn. Natierlech ass och virgesinn, dass extern Préifer wäerte kontrolléieren, ob déi gréng Obligatiounen konform zu dësen Standarden sinn. Dëst Reglement gëllt fir all Zorte vun Obligatiounsemetteuren, sief et ëffentlecher oder privater, innerhalb oder ausserhalb vun der EU. D'CSSF kritt déi néideg Pouvoir fir d'Surveillance an d'Enquête, fir ze assuréieren, dass alles a gereegelte Bannen ofleef. Dëst Reglement ass direkt applikabel.

Fënnefte Punkt: punktuell Ofännerunge vu Gesetzestexter iwwert de Finanzsektor. Schlussendlech gëtt mat dësem Gesetzesprojet d'Loi organique vun der CSSF punktuell ugepasst, genee wéi och d'Gesetz vun 2015 iwwert d'Assurancen, wou dräi Referenzen ugepasst ginn.

Här President, d'Chambre de Commerce huet hiren Avis den 30. September 2024 ofginn. Si ka sech mam Gesetzesprojet averstane weisen, mee huet awer e puer Froen opgeworf. Notamment freet si, dass d'Kryptoaktiva, déi e Prestataire de service, also e sougenanntene CASP, fir e Client conservéiert, solle separat vum Patrimoine vun dësem CASP gefouert ginn, fir si viru méiglechen Creancier ze schützen. Dëst ass schonn ausdrécklech am europäesche Reglement virgesinn, esou dass dëst net méi explizit an der Lëtzeburger Gesetzgebung virgesinn ass.

Här President, an der Sitzung vum 15. November 2024 huet d'Finanzkommissioun sech mam Avis vum Staatsrot auserneegesat an eng Partie Amendementer ugeholl. A sengem Avis vum 22. Oktober huet de Staatsrot zwou Oppositionen formelles gemaach. Déi éischt Opposition formelle betrëfft d'Pouvoir vun der CSSF. Am ursprüngelechen Text gouf de Champ d'application vun de Pouvoir vun der CSSF ageschränkt an op déi Persounen limitéiert, déi der Surveillance prudentielle vun der CSSF ënnerleien. Fir de Staatsrot gëtt domadder d'direkt Applikatioun vum Reglement ageschränkt. Duerch en Amendement gouf dës Opposition formelle Rechnung gedroen. An Zukunft kann d'CSSF vu jidderengem verlaangen, Moosnamen ze ergräfen, fir d'Gréisst vu senger Positioun oder senger Exposition vu Kryptoaktiva ze reduzéieren.

Eng zweet Opposition formelle vum Staatsrot betrëfft d'Akraaftriede vum Gesetzesprojet. De Staatsrot huet monéiert, dass d'Gesetz kéint retroaktiv penal an administrativ Sanktiounen mat sech bréngen. Duerch en Amendement gouf och dës Opposition formelle Rechnung gedroen. A sengem Avis complémentaire vum 20. Dezember 2024 huet de Staatsrot seng Opposition-formellen opgehewen, esoudass dem Vott iwwert dëse Gesetzesprojet näischt méi am Wee steet.

Här President, fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Et ass e ganz technesch Gesetzesprojet, dee schwéier a kuerzer Zäit ze erklären ass. Ofschléissend soen ech Iech Merci fir d'Nolauschteren a fuere weider als mandatéierte Spriecher vun der CSV.

Discussion générale

Här President, mat dësem Gesetzesprojet stëmme mir endlech e wichtegt Puzzlestéck am Beräich vun de Kryptoaktiva. Am Dezember hate mir mam Gesetz iwwert d'Blockchain schonn en anert wichtegt Gesetz gestëmmt. U sech ginn dës zwéi Texter Hand an Hand. D'Blockchaingesetz, bei deem mäi Kolleeg Maurice Bauer Rapporteur war, huet déi néideg Basis geluecht, fir d'Blockchaintechnologie verstärkt ze notzen, zum Beispill bei der Emissioun vun digitalen Emprunten oder der Verwaltung vu Fongen.

Fir et eng Kéier vereinfacht ze erklären – well ech huelen un, dass et Iech geet wéi mir, et ass net

jidderee Spezialist an dësem Sujet –: E Kryptoaktivum ass eng digital Duerstellung vun enger Valeur, engem Wäert, deen digital iwwerdroe respektiv gespäichert ka ginn an deen duerch d'Benotze vu Kryptotechnologien erschaaft gëtt. Dorënner fale Kryptowährungen am Allgemengen an och Stablecoins, also Kryptowährungen, déi sech op konkret Verméigenswäerter bezéien.

Dat Ganzt baséiert op der Technologie vun den dezentrale Regëster, also der DLT-Technologie, „Distributed Ledger Technology“, wat eng Technologie ass, déi schonn zënter ville Jore benotzt gëtt. Esou ass zum Beispill d'Blockchain, op där eng Kryptowährung wéi de Bitcoin baséiert, eng speziell Zort vun engem dezentrale Regëster, also DLT. Wéi scho gesot, soll duerch d'Blockchaingesetz dës Technologie verstärkt genotzt ginn.

Am Allgemenge stellen d'Kryptoaktiva virtuell Verméigen duer, déi op engem elektronesch Medium gespäichert ginn. Dës erlaabt et enger Gemeinschaft vu Benotzer, déi dës Kryptoaktiva als Bezuelungsmëttel akzeptéieren, Transaktiounen auszuféieren ouni d'Benotze vun enger sougenannter legaler Währung. Dat klénkt komplizéiert an dat ass et och fir een, deen net all Dag domadder ze dinn huet. An duerfir ass et esou wichteg, dass d'Kryptoaktiva mat engem eenheetleche gesetzleche Kader reglementéiert ginn. An dëst ass mat dem MiCA-Reglement vun der EU gemaach.

Dës Reglement schafft en eenheetleche Kader mat klore Reegele fir Kryptoaktiva a ganz Europa. Fir Lëtzebuerg, fir eis als Land, ass dës Reglement extreem wichteg. D'CSSF huet scho fréi ugefaangen, déi verschidden Acteuren ze sensibiliséieren an huet mat hinnen am Virfeld geschwat. Duerch säi stabillen an transparente Gesetzeskader, gradewéi och duerch seng politesch Stabilitéit, wäert Lëtzebuerg international Acteuren an dësem Beräich unzéien.

De CEO vun engem Depositär vun digitalen Aktiva, dee sech kierzlech zu Lëtzebuerg néiergelooss huet, sot an engem rezenten Interview, dass Lëtzebuerg eng avant-gardistesche Approche hätt, wat d'Reglementatioun vun digitalen Aktivaen ugoe géif. Zesumme mat den Talenter, déi mir an dësem Beräich schonns hei zu Lëtzebuerg hunn, wier Lëtzebuerg gutt opgestallt fir grad dës Beräich. Deemno si mir als CSV frou, dass dës Gesetzesprojet haut gestëmmt gëtt an ech ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm, och fir Äre schrëftlechen a fir Äre mündleche Rapport. An den éischten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

M. André Bauler (DP) | Jo, merci nach emol, Här President. Léif alleguer, jo, et gëtt geschat, dass et den Ament méi wéi 24.000 Kryptowährungen op dëser Welt gëtt. Mir geet et e bësse wéi der Madamm Adehm. Mir sinn net grad déi gréisste Spezialisten an der Matière. Déi sëtze vläicht do uewen oder hei vir. Op jidde Fall ass et esou, datt et sech bei de Kryptowährungen ëm, wéi d'Madamm Adehm et sot, digital dezentraliséiert Währungen handelt, déi op der sougenannter Blockchain-Technologie baséieren.

D'Maarktkapitaliséierung géif, gleeft een engem Bäitrag aus der Lëtzeburger Press vun der leschter Woch – ech mengen, et war op RTL –, bei iwwer enger Billioun Dollar leien. Wa mir vu Kryptowährungen schwätzen, da si mer och séier bei anere Forme vu sougenannte Kryptoaktiven.

Effektiv, duerch d'Entwécklung vun den neien Technologien steigt zanter Joren den Interessi bei den

Investisseuren fir Kryptoaktiven. Dës stellen en enormt Potenzial fir eise weltwäit verzweigten an international aktive Finanzzentrum duer. An deem Sënn muss een och de Risiko vu Geldwäsch séier am Bléck hunn an dës Risiko muss och séier ënnerbonne ginn. Dofir brauche mer eng staark, kloer, reguléiert an zukunftsorientéiert Finanzplaz, mat där mir als Land international interessant an eeben och konkurrenzfähig bliewen.

Déi rapid Ëmsetzung vun europäesche Reglementer ass fir de Lëtzeburger Finanzsektor a virun allem fir eis weltwäit aktiv Fongenindustrie vun – dat muss ee wierklech soen – strategesch Bedeitung.

Am Dezember hu mer – an d'Rapportrice huet et virun gesot – hei am héissen Haus schonn d'Blockchaingesetz gestëmmt, fir dass de Finanzsektor dës Technologie responsabel notze kann. Wéi d'Rapportrice et schonn erkläert huet, gi mat dem Gesetzestext, dee mer haut hei solle stëmmen, verschidde Reglementer, déi och de Finanzsektor betreffen, a Musek ëmgesat.

Dës Texter bezéie sech op Kryptoaktiven, déi europäesch Fonds d'Investissement à long terme, wou mer schonn an der viregter Legislaturperiod hei am Parlament driwwer geschwat hunn, wéi awer och déi europäesch gréng Obligatiounen.

Eise wirtschaftleche Modell, deen op Innovatioun a virun allem op enger klorer Regulatioun fousst, gëtt heider weider gestärkt. Andeems Lëtzebuerg Schlësselberäicher wéi Kryptoaktiven an nohaltege Finanzwirtschaft weiderentwéckelt a sech als Virreider positionéiert, wat mer schonn des Ëftere glécklecherweis waren, diversifizéiert eis Regierung d'Aktivitéite vum fir eis als klengt Land dach immens wichtige Finanzsektor, fir och esou dann eeben nei Investisseuren unzéien.

Nei Finanztechnologie sinn eng Chance fir Lëtzebuerg a si sinn zanter Jore feste Bestanddeel am Finanzwesen an eeben hei op der Finanzplaz. D'Reglement vun de Kryptoaktiven, de MiCA also, gesäit uniform Reegele fir d'Emissioun, fir d'Offer an d'Negociatioun vu Kryptoaktive vir. Heider soll déi technologesch Entwécklung am Finanzsektor gefërdert a gläichzäitig déi finanziell Stabilitéit an och – dat däreft een net vergiessen – de Schutz vun de Konsumente garantéiert ginn.

An dëst dréit och dozou bäi, en nach méi attraktiiv Ëmfeld fir de sougenannte FinTech, déi sougenannt FinTech-Industrie ze schafen. An dësem Kader begreisse mir als Demokratesch Partei och ausdrécklech d'Transfer of Funds Regulation 2, déi d'Verpflichtung vun engem gewëssenen Transfert vun Informatiounen fir d'Kryptoaktiven aféiert, fir dass d'Traçabilitéit – dat ass e wichteg Stéchwuert – méi einfach ass.

Dës ass néideg, fir den Norme vum GAFI bezüglech den neien Technologie Rechnung ze droen, dat mam Zil, de Blanchiment an d'Terrorismusfinanzéierung besser ze detektéieren. Hei geet et souwuel ëm Sécherheet wéi och ëm Vertrauen.

D'DP wäert och weiderhin aktiv d'Entwécklung, d'Diversifikatioun, d'Innovatioun an d'Promotioun vun der Finanzplaz Lëtzebuerg an all hiren Dimensiounen ënnerstëtzen, sief dat am Beräich vun de Versécherungen, de Banken, der Fongenindustrie oder der Entwécklung vun ëmweltfrëndlechen, also nohaltege Finanzproduiten, fir dass eis Plaz och weiderhin als internationalen Hub fir nohaltege Finanzen ugesi gëtt.

An als DP sti mer zu 100 % hanner enger responsablen Reglementatioun fir eis Plaz a méi genau d'Fongenindustrie, déi als ee vun de wichtege ekonomesch Piliere hei am Land hire Bäitrag fir eis Wirtschaft leescht.

Här President, ech kommen direkt zum Schluss. D'Gesetzgebung muss also konstant un déi neisten Entwécklungen ugepasst ginn. Dës séier Adoptioun vun den europäeschen Norme schafft e legale Kader an dréit dozou bäi, dass d'Stabilitéit vum Finanzsektor garantéiert ass a Lëtzebuerg e vertrauenswürdige Standuert bleift.

Dat gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci fir d'Opmierksamkeet a fir Är Gedold, Här President.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Bauler. Dann ass d'Wuert fir den Här Franz Fayot. Här Fayot, et ass un Iech.

M. Franz Fayot (LSAP) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen, léif Kollegen, mir stëmmen dës Gesetz mat. Et ass op enger ganzer Rei Punkten e gutt Gesetz an onproblematesch, notament mat all déi Fongen ugeet. Déi gréng Fongen, déi jo och e wichtige Vecteur sinn zu Lëtzebuerg, ginn heider verbessert. De Kader gëtt verbessert, e gëtt harmoniséiert, homogeniséiert, dat fanne mer gutt. Och bei de Fonds à long terme, alles dat fanne mer gutt. An och de MiCA ass am Fong e positive Kader, well et ass besser, eng Reglementatioun ze hunn hei am Beräich vun de Kryptoavoiere, wéi guer keng ze hunn.

Mee, an ech géif dat och gäre ganz kloer soen, mir stëmmen dat mat, wat de Volet vun de Kryptoavoiere ugeet, mat awer e bëssen engem komesche Gefill am Bauch. An dat huet näischt mat der Lëtzeburger Ëmsetzung ze dinn, déi gutt erkläert gouf vun der Rapportrice. Mee et muss een awer gesinn, dass mer mat deem MiCA hei am Fong e Marché legitiméieren op europäeschem Niveau, deen héich volatil ass, deen intransparent ass an deen och extreem riskant ass. Et ass och e Marché, dee vun de Kryptoavoiere an dee vun de Kryptowährungen, deen all d'Mierkmaler huet vun enger spekulativer Bulle. Mir hunn hei zum Beispill d'Sich on ganz schnellen an héije Rendementen, déi dee Maart charakteriséiert, déi an der Haaptsaach Jonker concernéiert.

Laut dem Crypto Survey 2024 si 60 % vun den Investisseuren an dësem Marché zwëschen 25 a 44 Joer al a 35 % sinn an deem Segment vu 25 bis 34 Joer. Dat heescht, mir schwätzen hei an der grousser Majoritéit vu ganz jonke Leit.

En anert Mierkmal vun enger finanzieller Euphorie ass d'Angscht, eppes ze verpassen. Och dat charakteriséiert dës Marché. An nach eppes aneres, wat och charakteristescht ass, dat ass, dass et keng Relatioun gëtt tëschen dem Maartwäert an der Grondlag, dem Sous-jacent vun deenen Avoiere.

Dir hutt alleguer matkritt, dass de President Trump, an deene puer Deeg ier e President ginn ass, e Meme-coin lancéiert huet à son effigie, deen an Zäit vu puer Deeg 11 Milliarden Dollar Kapitaliséierung hat – e Meme-coin, deen emol net echagéiert ka ginn, deen absolut keng Utilitéit huet an deen awer en enormen Attrait hat bei de Leit dobaussen!

D'Bitcoin sinn en anert Beispill. Do kënn Der an Zäit vun e puer Deeg, e puer Stonnen eng extreem Augmentation de valeur kréien. Mee Dir kënn awer och gradesou gutt eng extreem Baisse kréien a ganz kuerzer Zäit. Et ass also eng richteg Achterbunn. Et ass en extreem volatile Marché.

An, Här President, bei all Episod vu finanzieller Euphorie gëtt et och ëmmer Verléier. Well et ass, wéi bal alles an der Finanz, en Nullsummespill. An hei, fäerten ech, sinn et an der Haaptsaach Jonker, wéi gesot, déi oft duerch Feelaschätzungen anerer nach méi räich maachen, déi méi fréi am Marché dra waren. An

ech mengen, dass et och wichtig ass, hei ze soen am Kader vun dësem Projet de loi, dass d'finanziell Educatioun hei eng extreem grouss Roll spillt.

Mir wäerten hei deemnächst eng Interpellatioun kréie vu menger Kolleeigin Liz Braz justement zu der finanzieller Educatioun. An ech mengen, et ass wichtig, dass d'Leit, déi jonk, awer och all déi aner, verstinn, wa se investéieren, wat dat ass, wat se do kafen. Do spillt d'CSSF natierlech eng wichteg Roll an deem Beräich. An ech weess, Här Finanzminister, dass d'Financial Literacy, d'finanziell Educatioun, och eppes ass, wat Dir mat Ärem Ministère probéiert weiderzebréngen. Abee, ech menge wierklech, insbesonnesch bei esou engem volatilem spekulativen Avoir wéi bei de Kryptoavoiere ass dat heiten eppes, wat kapital wichtig ass.

An dann ass nach e leschte Punkt, deem dann oft als Géigenargument genannt gëtt, dat ass deen, dass déi Kryptomarchéen u sech elo scho laang existéieren. Mee och dat ass kee Géigenargument géint e Schnéiballsystem. Erënnert Iech un de Bernie Madoff: Och deen huet joerzéngtelaang säi Schnéiballsystem, deem och op enger Form vu finanzieller Euphorie opgebaut huet, bedriwwen. An d'Leit sinn ëmmer weiderhin dohinner gezunn an hu probéiert, doranner ze investéieren.

Dobäi kënnt, an dat ass och scho gesot ginn, dass d'Kryptowürungen och eng ganz däischter Säit hunn. Et ass d'Valeur refuge, et ass och d'Monnaie, d'Währung, vu Kriminellen. A wann ee wëll eppes um Darknet kafen, da mécht een dat, da bezilt een dat an der Reegel och mat Bitcoinen oder mat enger anerer Kryptowährung. Also ass hei och, mengen ech, eng relativ grouss Virsicht gebueden.

Här President, mir sinn als LSAP bei aller Léift zur Innovatioun – a vläicht anescht wéi meng Virriedner – net iwwerzeegt, dass d'Kryptoavoiere déi nächst grouss Nisch, déi nächst grouss Saach fir d'Lëtzebuerger Finanzplaz solle ginn.

Mir sinn der Meenung, dass Blockchain eng interessant Technologie ass a ville Beräicher, notament an der Fongenindustrie, mee bei de Kryptoavoiere si mer dann awer méi skeptesch. A wann een da gesäit, wat wat fir enger Ferveur d'Kryptowelt den neien US-Präsident begréisst, incitéiert dat eis dann awer zu nach méi Virsicht.

Mir stëmmen dëst Gesetz mat, mee, wéi gesot, mat e bëssen engem mulmege Gefill am Bauch. Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. An dann huet den Här Fred Keup d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Här President, ech wëlt dem Här Fayot eng Fro stellen.

M. Claude Wiseler, Président | Den Här Goergen, Här Fayot, wëllt Iech eng Fro stellen, wann Der se unhuet. Dir kënnt se vum Riednerpult oder vun Ärer Plaz beäntweren. Dir kommt zrëck, dat heescht, Dir huet se un. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Ech hunn elo dem Här Fayot senger Antikryptoposition vun der LSAP laang nogelauschert. Ech mengen, faktuell war se net ganz richtig.

M. Franz Fayot (LSAP) | Fënnel Minutten hutt Der se gelauschert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Jo, ech hunn awer kloer eraushéieren, dass Der géint Krypto sidd an dass Der éischter déi jonk Leit do virdru warnt. Mee wann Der Kryptowürungen, wou Der gesot hutt, dass déi ganz volatil sinn, wat zum Deel stëmmt ... Et muss een och

kucken, vu wéi enge Coins ee schwätzt. Ech mengen, Dir hutt elo einfach d'Shitcoins geholl an net déi etabléiert, fir Är Beispiller unzeféieren. Dat kënnt Der gäre maachen. Dat ass zwar net éierlech, mee kënnt Der gäre maachen.

Mee rot Der dann deene Jonken och dovunner of, Aktien ze kafen, op enger Finanzplaz ze investéieren? Well wann ee ganz kloer kuckt, da gëtt et verschidden Aktien, déi vill méi volatil si wéi zum Beispill Coins. Réit d'LSAP deene Jonken dann och dovunner of, op enger Finanzplaz aktiv ze ginn?

Merci.

M. Franz Fayot (LSAP) | Mee, Här Goergen, ech hunn net just déi sougenannte „Shitcoins“ hei evoquéiert, ech hunn och, wéi gesot, déi etabléiert Würungen erwänt, dat si Bitcoin, Ethereum an all déi aner, déi sinn och extreem volatil. Ech mengen, Dir wësst dat. Dir braucht just d'Fluktuatiounen ze kucken. Dat kënnt Der maache mat engem Revolut-Kont, deem een och ganz einfach kann opmaachen. Den Trading vun deenen Avoiren ass ganz einfach an déi sinn extreem volatil.

An d'Comparaison mat den Aktien: Do ass den Ënnerschied eeben deen, dass mer bei den Aktien e ganze Kader hunn. Mir hunn Direktiven, Reglementer, déi Prospekter imposéieren, déi Kuerzform-Prospekter imposéieren, wou d'Investisseuren informéiert ginn, wat eeben de Sous-jacent ass vun den Aktien, wat och de Businessmodell ass vun deenen Entrepreneuren, op deenen déi Aktien do baséieren. An dat ass eeben de groussen Ënnerschied.

(Interruption par M. Marc Goergen)

Erkläert mer emol, wannechgelift, wat de Sous-jacent ass, wat d'Fundamentale si vun de Kryptowürungen! Erkläert mer dat, wannechgelift. Erkläert eng Kéier der ganzer Chamber dat hei, fir dass mer dat gutt verstinn! Ech weess, Dir sidd jo bei de Piraten ganz tech-savvy an Dir sot dat och ëmmer erëm gären hei an der Chamber. Mee ech wier wierklech frou, wann Der eis dat géift eng Kéier och a klorer Sprooch hei an der Chamber erklären.

Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

(Interruptions)

Dann ass elo d'Wuert fir den Här Keup. Här Keup, Dir hutt d'Wuert.

M. Fred Keup (ADR) | Merci, Här President. Ech wëll mech am d'Fong menge Virriedner uschléissen, der Madam Adehm an dem Här Bauler an och dem Här Fayot, fir dat, wat se gesot hunn. Ech mengen, dass ee viles dovunner an och d'Motivatioun vum ganzen Text net méi muss hei widderhuelen.

Fir eis ass et einfach wichtig, wéi eebe schonn ugeklungen ass, dass mer hei eppes maachen, wat eisem Land eppes déngt, wat eis Finanzplaz ënnerstëtzt. A wa mir als ADR kënnen eis Finanzplaz ënnerstëtzen, da maache mer dat natierlech, well d'Finanzplaz ass de Motor hei am Land vun eisem Wuelfstand. Dat ass emol ganz kloer gesot.

Ech begréissen awer och – ech hunn dat elo ganz gutt nogelauschert – wat den Här Fayot gesot huet. Ech géif och net soen, dass dat elo eng Antikryptorie heit war, mee ech hunn dat awer eng ganz, ganz nuanzéiert a gescheit Analys, eng Kritik un deem System, fonnt. Woubäi – dat muss ee jo soen –, mat deem Gesetz hei änneren mir jo guer nääst dorunner, ob et dat gëtt oder net gëtt. Dat ass natierlech och e Punkt. Mee ganz kloer ass, dass dat Gefore mat sech bréngt. An dat einfach esou pauschal dann dohinnerstellen

als „anti“ an iergendwéi dann negativ, dat, fannen ech, gëtt der Saach hei net gerecht, well d'Gefore sinn awer reell, zemools bei Jonken, déi sech do nawell kennen da finanziell staark schiedegen.

Dat gesot, stëmme mer d'Gesetz natierlech mat.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Keup. An dann ass d'Wuert fir d'Madamm Sam Tanson. Madamm Tanson.

Mme Sam Tanson (déi gréng) | Jo, merci, Här President. „Une fois n'est pas coutume“: Ech muss awer och e bëssen an déi selwecht Kerb hei schloe wéi den Här Keup. D'Saach ass effektiv déi, dass mer déi Instrumenter hunn. An et geet jo eigentlech grad dorëms, sech och Reegelen ze ginn, fir se besser ze encadréieren. Duerfir ass deen Text hei gutt, dass mer dat och elo hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen. Natierlech gëtt et Risike wéi bei all deenen Instrumenter an hei sinn eebe méi rezenter, wou et extreem wichtig ass, dass ee sech do och änlech Mechanisme gëtt wéi bei deenen Instrumenter, déi mer scho kennen.

Ech hätt elo nach eng Fro. Wéi ech mer nach eng Kéier d'Rapporten duerchgelies hunn aus der Finanzkommissioun, do war awer och ugeklungen, dass et och fir d'CSSF kéint en Defi duerstellen, déi Missiounen ze erfëllen, déi elo awer och nei op se duerkommen. An do wier e bësse meng Fro un de Finanzminister: Wéi gëtt dat elo konkret ëmgesat? Wéi gëtt d'CSSF hei gestärkt, fir och kënnen deenen neie Missiounen, déi och hire Champ de manoeuvre erweideren, gerecht ze ginn, fir dass mer eeben och all deene Risiken, déi den Här Fayot opgezechent huet, kënnen entgéintwierken?

Merci. A mir ginn natierlech och den Accord zu dësem Text.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Tanson. Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Jo, merci, Här President. Ech evitéieren dann och e bëssen, nach eng Kéier op déi technesch Detailer anzegoen, virun allem well dat heite jo och e Gesetz ass, wou net nëmmen een europäeschen Text dra verschafft gouf. Eppes, wat ech hei op der Tribün schonn e puermol gesot hunn: Wa mer scho komplizéiert Texter hei an d'Chamber bréngen, da sollte mer wéinstens drop oppassen, dass se lieserlech sinn. An d'Lieserlechkeet, an dat huet souguer dës Kéier och de Staatsrot a sengem Avis gesot, gëtt net doduerjer verstärkt, dass een nach aner Texter, déi nëmmen tangentiell domadder zesammenhängen, mat an deen nämmlechen Text géisst. Dat einfach emol viwerwech gesot. Et kéint ee sech do vläicht wierklech iwwerleeën, dat e bësse méi kloer ze trennen. Da wär et och heiansdo méi einfach ze liesen an och méi einfach, doriwwer ze diskutéieren.

Ech wollt awer vläicht op e puer Saachen agoen, déi haut an der Diskussioun gesot goufen, an och op verschidden Avisen, well ech mengen, dat heiten ass en Text, deem immens wichtig fir d'Zukunft ass. En ass insofern immens wichtig, well en eis endlech kloer Reegele gëtt. E gëtt eis kloer Reegelen, wéi déi sougenannte CASPs, wéi se da scho genannt goufen, „Crypto-Asset Service Providers“, reglementéiert ginn, a virun allem och wéi d'Haftung verdeelt gëtt.

A genau do ass jo awer d'Kruz vun all deene kritesche Stëmmen, déi bis elo hei ugeklunge sinn: „Jo, mee et ass keen haftbar. Et ass jo awer en ontransparente Marché. Et ass net kloer, wien hei wat mécht.“ Ma genau dowéinst maache mer dat Gesetz hei, fir datt mer kloer Reegele kréien, fir datt mer déi Reegelen aféieren, déi et eeben op anere Plaze scho gëtt.

Ënner anerem ass Krypto – dat ass einfach mathematesch an technesch nozeweisen – den transparentste

Marché. Firwat soen ech dat? Ma ganz einfach well all eenzel Transaktioun op der Chain vun all Participant op där Chain kann novollzu ginn, net wéi d'Orderbooks vun de Boursen, déi d'Propriété intellectuelle vun de Boursé sinn. Dat heescht, mir hunn hei u sech vill, vill méi Maarttransparenz wéi bei all anerem Marché, deen et bis elo gëtt.

Ob dat gutt ass, ob dat schlecht ass, ob d'Anonymat oder d'Pseudonymat dann elo wierklech gutt ass, dat ass eng aner Diskussioun. An dofir schafe mer jo hei och elo Reegelen, déi mer begrëssen, fir zum Beispill verschidde Leit perséinlech haftbar ze maachen.

A mir hunn och an der Vergaangenheet gesinn, wéi wichteg dat ass. Ech zitëiere just dräi Buschtawen, déi jiddwerengem, deen e bëssen eppes mat Krypto ze dinn huet, e Begrëff sinn: „FTX“. Wéi vill Milliarde sinn do verluer gaangen? Net well d'Technologie schlecht war, net well ze vill spekuléiert gouf, mee ganz einfach well Abus bedriwwen gouf, well Fraude gemaach gouf. An dofir ass et och wichteg, datt mer hei ganz kloer d'perséinlech Haftung an d'Gesetz schreiwen.

Et ass och ganz wichteg, datt mer eis hei endlech e legale Kader ginn, fir déi sougenannte „Pump and Dump Schemes“, déi um Aktienmarkt scho ganz laang verbuede sinn, an de Grëff ze kréien an och sougenannte „Rug Pulls“ ze verbidde respektiv méi staark ze encadréieren.

A fir einfach ze illustréieren, wat e Rug Pull ass oder e Pump and Dump: Ech mengen, et muss een dann, an dat gouf scho genannt, dem Donald Trump säin – kommt mir nennen et elo net Shitcoin, mee e Memecoin – nennen, dee lancéiert gëtt, dee ganz séier, immens séier, wiisst, a wou dann deen, deen en emetteiert huet, seng Assets ganz séier verkeeft. Douduerjer kollabéiert natierlech d'Valeur vun deem Coin direkt. Dat ass e Pump and Dump oder e Rug Pull, wéi och ëmmer een et wëll nennen. An dat gëtt an Zukunft heimadder méi streng encadréiert. Dat heescht, esou eppes soll an Europa net méi méiglech sinn.

Et ass alt gutt, datt keen dat dem Auteur vum sougenannten „Heng-Memecoin“ gesot huet, deen an deene leschten zwee Deeg lancéiert gouf a mëttlerweilech schonn eng Valorisation vu 70.000 Euro huet an u sech d'Zil huet, nach virun dem Donald Trump säi Coin ze kommen, mat der Effigie vun eise Grand-Duc. Dat ass dann nach esou laang gutt, wéi dat heiten net gestëmmt ass respektiv net publizéiert ass, well ab deem Moment wär och den „Hengcoin“ da verbueden.

(Interruption par M. Tom Weidig)

Dat gesot ... Nee, mir hunn en net lancéiert, Här Weidig. Ech hat Iech u sech am Verdacht.

Mee Spaass beisäit, ee wichtige Punkt awer nach, well dat och eng Remark war, déi d'Chambre de Commerce gemaach huet – a mer hunn och bei FTX gesinn, wéi wichteg dat ass –, an ech hoffen, datt mer do an Zukunft nach eng Kéier drop schaffen: Dat ass, datt mer am Fall vu Faillite vun de CASPs bei der Ofgrenzung vun de Kryptoassets, déi d'Clients hunn, an den eegenen Assets vun de CASPs eng méi streng Trennung géifen hëkréien. Dat ass net fir haut am muer. Ech mengen, datt een do och muss kucken, wéi de Marché elo evoluéiert, wéi eng CASPs da wierklech op Lëtzebuerg kommen a wéi een déi muss encadréieren.

Mee dat gesot, ass dat heiten e wichtige Fortschritt am Beräich vun de Kryptoassets an dofir stëmmen d'Piraten dat och mat. Ech soen Iech Merci.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Clement. Dann ass d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner domat ofgeschloss.

Dann hätt d'Regierung d'Wuert. Här Finanzminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci, Här President. Merci, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert. Ech hu mat Satisfaktioun festgestallt, dass eng breet Zoustëmmung ass zu dësem fir d'Finanzplaz dach ganz wichtige Gesetzesprojet. Ech sinn och frou, dass eigentlech unanime d'Meenung war, dass mir dat hei huelen, fir e legale Kader opzestellen. An dat, well mer eigentlech als ee vun deenen éischten – an dat steet eis och gutt zu Gesiicht – europäesch Reglementer zu Lëtzebuerg operationaliséieren. Et ass keng Direktiv, et sinn europäesch Reglementer, an duerfir kucke mer, dass mer déi Ausföhrungsbestëmmungen zu Lëtzebuerg implementéieren.

De Kryptomarché, dat si mëttlerweilech 3.000 Milliarden; 3.000 Milliarden oder 3 Billiounen. An et ass vun der Rapportrice an och vun anere richteg ënnerstrach ginn: Wat maache mer? Mir kucken, e gesetzleche Kader ze schafen, Flexibilitéit, mee virun allem Kontroll, Responsabilitéit a Schutz vun dem Investor. Dat ass dat, wat bei dem Krypto steet.

Den Här Fayot huet eng gutt Fro gestallt, dat war déi eng vun der Éducation financière. Jo, dat ass Partie intégrante vum Regierungsprogramm. An ech weess, an ech appreciéieren dat extreem, dass de Claude Marx, de President vun der CSSF, sech iwwert d'Jore schonns perséinlech ganz staark do dran engagéiert huet. Ech hat och d'Chance, mat him selwer eng Kéier op den Zens an eng Primärschoul ze goen, wou en dat op eng extreem pedagogesch Aart a Weis och duergeluecht huet.

Et war eng Fro dozou gestallt ginn – et war d'Madamm Tanson –, wat fir eng Moyenen d'CSSF sech géif ginn, fir dat do ze encadréieren. D'CSSF huet 2014, wéi et nach keng MiCA-Reglementatioun gouf, schonn éischt Autorisatiounen, also Lizenzen, ausgestallt um Niveau vun der Kryptowährung, dat ware BitFlyer a Bitstamp. Dat heescht, d'CSSF huet eng laang Expertis. Et ass mengen Informatiounen no eng vun deenen Autorités de surveillance an Europa, déi am beschten opgestallt sinn, fir déi Marchéen do ze kontrolléieren, a se huet och eng pragmatesch Approche dozou.

An et ass och mat Recht ënnerstrach ginn: dee Lien, deen een hei muss maache mat der Kryptowährung, mat der Blockchain, wou d'Chamber am Dezember d'Blockchain-4.0-Gesetz scho gestëmmt huet mat der „Tokenisatioun“ – op Lëtzebuergesch –, an dass mer zu Lëtzebuerg eeben an deem Beräich, well mer Virreider sinn an där ganzer FinTech, elo schonn iwwer 260 FinTech-Firmen hunn.

Gëtt dat hei kontrolléiert? Jo, dat ass den zweete Punkt vum Gesetz – an d'Madamm Adehm huet et ënnerstrach –: dat ass dee sougenannten Transfer of Funds, well domadder séchergestallt gëtt, dass kee Blanchiment gemaach gëtt an dass virun allem och keng Terrorismusfinanzéierung gemaach gëtt, well eeben déi Elementer vun der Geldwäsch allegueret mussen hei an dem Kryptoberäich respektéiert ginn. A mir hu jo den Avantage hei, dass déi Reegelen hei fir déi gesamt Europäesch Unioun zielen an dass se duerfir och mat de sougenannte GAFI-Reegelen a Konformitéit sinn.

E Marché, deen extreem boomt zu Lëtzebuerg, dat sinn déi sougenannten ELTIF-Fongen. Besonnesch genotzt ginn déi vun amerikaneschen Investisseuren. Vereinfacht gesot sinn dat eigentlech grouss Infrastrukturprojeten, déi iwwert dee Wee hei kënnen finanziert ginn. An duerfir ass et och wichteg, dass mer zu Lëtzebuerg e Reegelwierk hunn, fir dass d'Leit, déi där ELTIF-Fongen opleeën, genau wëssen, mat wat fir engen Obligatione se konfrontéiert sinn

an dass se och – an hei spillt dat erëm als Element vun der Kompetitivitéit – mat der CSSF e pragmatesche Regulateur hunn, deen eng Expertis an der Matière huet an deen dat och proaktiv begleet.

Ech ginn Iech just ee Beispill: Déi éischt 20 Deeg am Januar 2025 si 60 nei ELTIF-Fongen an der Europäescher Unioun opgeluecht ginn. Wësst Der, wivill dovun zu Lëtzebuerg? 40. Dat heescht, zwee Drëttel vun de gesamten ELTIF-Fongen, déi an deenen éischten dräi Wochen am Januar opgeluecht goufen, sinn zu Lëtzebuerg opgeluecht ginn.

E véierte Punkt ass dee vun de sougenannte Green Bonds. Do ass net esou vill driwwer geschwat ginn, dat ass awer en extreem grouse Marché. Och do ass eis Bourse zu Lëtzebuerg zënter 2016 virun allem extreem aktiv. An dat gëtt an der ganzer Welt eigentlech appreciéiert, soudass d'Bourse vu Lëtzebuerg ee vun de Maartféierer an deene sougenannte Green Bonds ass, an hirem Marché, dee se huet.

An dat gesäit een zum Beispill besonnesch mat Asien, Hongkong an aneren. Dat ass e sougenannten duebele Listing vu grénge Obligationen. Dat heescht, déi grouss Acteuren an Asien leeën hir sougenannte Green Bonds an Asien op. Si ginn op deene Bourse cotéiert a parallel, fir och den europäesche Marché kënnen ze ëmfassen, geschitt dat zu Lëtzebuerg. Firwat? Well mer do eng grouss Expertis hunn. An zweetens ass iwwert déi sougenannte Fräizügkeet vun de Finanzdëngschleeschungen natierlech dann de Marché vun der Europäescher Unioun op, wann een zu Lëtzebuerg seng Autorisatioun dofir kritt.

Duerfir wéilt ech Iech Merci soe fir déi breet Zoustëmmung. Dat si sécherlech net déi lescht Gesetzer, déi mer um Niveau vun de sougenannte Services financiers wäerten hunn. Ech soen och – an „une fois n'est pas coutume“ –: Dat ass esou héich komplex an ech sinn eigentlech ëmmer erstaunt – do sëtzt eng Finanzministesch –, mat wéi vill Expertis déi Leit op eiser Lëtzebuerger Finanzplaz, och um Niveau vun eise Ministère, vun eise Verwaltungen an an Zesummenaarbecht mat der CSSF, dat eigentlech fäerdegbréngen, virun all deenen aneren, déi Dausende Fonctionnaires hunn, déi europäesch Reglementéierungen ëmzesetzen, an dass mer dat der Chamber kënnen virleeën. An duerfir sinn ech ëmsou méi houfreg drop an ech soen Iech Merci fir Ären Accord.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Finanzminister. Domat wär dann d'Diskussioun zu dësem Projet de loi ofgeschloss.

Mir kéimen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8387. Den Text steet am Document parlementaire 8387⁵. Ech wëll just kuerz drop hiweisen, datt am Intitulé eng Opzielung iertemlecherweis als b) bezeechent gëtt, déi awer misst als a) do stoen. Mir stëmmen also iwwert den Text mat dëser klenger Ofännerung am Intitulé of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8387 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Ok, da schléissen ech de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm bei 2 Abstentionen. Dëse Projet de loi ass also ugehall mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Octavie Modert), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler),

Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Ben Polidori), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

5. 8451 – Projet de loi portant approbation du Protocole, fait à Luxembourg, le 25 juin 2024, modifiant la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Moldavie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, faits à Chisinau, le 11 juillet 2007

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8451, d'Ëmsetze vun engem Protokoll tëschent Lëtzebuerg a Moldawien iwwert d'Duebelbesteuerung an iwwert d'Preventioun vu Steuerhannenzéiung. Ech erënnere Iech drun, datt dëst e Riedemodell „avec rapport et sans débat“ an deemno follgendermoossen opgedeelt ass: D'Rapportrice huet 5 Minuten an d'Regierung huet och 5 Minuten, wa se wëllt. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Diane Adehm. Madamm Adehm, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances

Mme Diane Adehm (CSV), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei dësem Gesetzesprojet geet et ëm d'Unhuele vun engem Protokoll, deem d'Duebelbesteuerungsofkommes tëschent Lëtzebuerg an der Republik vu Moldawien ofännert. Ganz konkret soll dëst Ofkommes konform gemaach ginn zu den Ufuerderunge vun der OCDE um Niveau vum Austausch vun Informatiounen an zu de minimale Standarden, déi vun den Aarbechten iwwer BEPS fir d'Duebelbesteuerungsofkommes virgise sinn.

Den Artikel 1 vum Gesetzesprojet ersetzt de Preamble aus der Konventioun a setzt e konform zur Aktioun 6 vun de BEPS-Aarbechten. Hei gëtt nach eng Käier ganz kloer gesot, dass et bei dësem Duebelbesteuerungsofkommes net drëm geet, iwwert de Wee vu Steiervermeidung oder Steuerfraude iwwerhaupt keng Steieren oder manner Steieren ze bezuelen.

Den Artikel 2 ersetzt de Paragraf 5 vum Artikel 23 a seet, dass d'Ofkommes sech net nëmmen op

d'Steiere bezitt, déi am Artikel 2 vun der Konventioun opgelëscht sinn, mee op sämtlech Steieren.

Den drëtten Artikel passt déi sougenannte Procédure amiable un d'OCDE-Standarden un. De Steierzueler kann elo während engem Delai vun dräi Joer eng Procédure amiable ufroen, wann hien net konform zum Duebelbesteuerungsofkommes besteiert gouf.

De véierten Artikel behandelt den Informationsaustausch a passt dësen un déi aktuell Modeller vun Duebelbesteuerungsofkommes vun der OCDE un.

De fënneften Artikel féiert en neien Artikel 26a an d'bestoend Duebelbesteuerungsofkommes an. Mat dësem Artikel soll d'Steiervermeidung bekämpft ginn. Esou soll d'Duebelbesteuerungsofkommes net applizéiert ginn, wann e Montage oder eng Transaktioun just gemaach gëtt, fir vu Virdeeler ze profitéieren, déi contraire zum Duebelbesteuerungsofkommes sinn. Et solle keng Méiglechkeete geschaf ginn, fir entweder guer keng Steieren ze bezuelen oder manner Steieren duerch Steuerflucht oder Steuerfraude.

A schlussendlech reegelt den Artikel 6 d'Akraaftriede vum Protokoll.

Här President, a sengem Avis vum 10. Dezember 2024 huet de Staatsrot näischt ze beanstanden un dësem Gesetzesprojet, esoudass mir d'Unhuele vun dësem Protokoll haut stëmme kënnen.

No mengem schrëftleche Rapport ass den Avis vun der Chambre de Commerce erakomm. Duerfir wëll ech kuerz a mengem mëndleche Rapport e Saz dozou soen: D'Chambre de Commerce begreift et, dass d'Regierung weiderhin doru schafft, eise Reseau vun Duebelbesteuerungsofkommissen ze erweideren.

Zur Prozedur vun dësem Gesetzesprojet wier nach Follgendes ze soen: En ass den 21. Oktober deposéiert ginn an der Chamber. Den Avis vum Staatsrot ass den 10. Dezember publizéiert ginn. An der Sitzung vun der Finanzkommissioun vum 7. Januar gouf ech zum Rapporteur ernannt. An der nämmelecher Sitzung gouf de Projet virgestallt an den Avis vum Staatsrot analyséiert. An de Rapport vun dësem Gesetzesprojet gouf an der Kommissiounssitzung vum 14. Januar ugeholl.

Voilà, domadder wier ech fäerdeg mat mengem Exposé als Rapporteur an ech soen Iech Merci fir d'No-lauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Adehm, fir Äre schrëftlechen a fir Äre mëndleche Rapport.

Dann huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Ech kann dat ganz kuerz maachen, Här President. D'Fro vun der Chambre de Commerce ass opkomm, dass mer eise Reseau vun Duebelbesteuerungsofkommes solle weider verbreedere. Also, am Moment leie mer bei iwwer 90 Konventiounen. Elo fro Der mech: „Wat fir eng kommen dann elo nach no?“

Eng, déi bal fäerdeg ass, dat ass de Gesetzesprojet iwwer Kolumbien.

Da kënnt den Oman. Do ass de Gesetzesprojet am Ministère fäerdeg. Dee géif dann an deenen nächste 14 Deeg op den Instanzewee goen.

An do, wou mer e Problem hunn – wat awer net gutt ass –, dat ass dee mat Australien. Dee läit scho praktesch zënter 2010 do. An do ass de Wëlle vun dem Ministère an och vun der Verwaltung, dass mer do weiderkommen, well dat awer e grousst Land ass,

an och fir d'Ausbredung vun de Wirtschaftsdéngschtleeschungen an Australien. Doriwwer eraus ass dat e wichtegt Zeechen. An ech ginn dervun aus, dass mer déi Diskussiounen dann och iwwert déi nächste Méint wäerte verdéiwen.

An ofschléissend bleift nach Kenia. Do ass am November 2024 eng éischt Verhandlungsrund gewiescht. Et wiere keng gréisser Problemer, schreibe se mer, soudass ech dervun ausginn, dass mer dat dann och nach iwwert dëst Joer kënnen an der Chamber ratifizéieren.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Minister.

Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi dann ofgeschloss a mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8451 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8451².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8451 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreicht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 58 Jo-Stëmme, keng Nee-Stëmm bei 2 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also ugeholl mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Charles Weiler), Paul Galles, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies (par Mme Nathalie Morgenthaler), Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Georges Engel), Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

6. Ordre du jour

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, enger Aktualitéitsstonn iwwer eng méigleche Aféierung vum obligatoreschen Militärdéngscht, déi d'LSAP-Fraktioun ugefrot huet. Ech wollt do op Wonsch vum Auteur a mam Accord vum Auteur froen, ob et méiglech wär, deen nächste Punkt vum Ordre du jour – déi Motioun, déi den Här Goergen zu genau deem selwechte Sujet gestallt huet – mat anzubauen an déi heiten Diskussioun. Dann ass dat méi einfach an der Prozedur.

Ass d'Chamber dermat d'accord, datt mer dat esou maachen?